Den Auslandscamp

1. Firwat e Camp am Ausland?

* Den Auslandscamp as e wichtegt Mëttel vun eiser **Friddenserzéiung**. Mir léieren aner Länner, Mënschen a Kulture kennen a schätzen: Gebräicher, Konscht, Sprooch, Kichen, Geschicht, politesch, ekonomesch a sozial Situatioun ... Mir entwéckele Versteesdemës fir national Ënnerscheder a léieren, déi spezifesch Egenaarten op Grond vun der Situatioun vun deem Land a sénger Gesellschaft (Klima, Traditioun, Kultur, Relioun, Ekonomie ...) ze verstoen. Mir stelle fest, datt Jugendlecher vu verschiddene Länner och gemeinsam Intressen a Problemer hun. Mir revidéiere verschidde Viruurteler vis-à-vis vun aneren Nationalitéiten a gi méi tolerant.

Mir erkennen, datt Problemer ëmmer méi eng international, jo souguer weltwäit Dimensioun kréien, an datt d'Ofhängegkeet ee vun dem aneren zouhëlt (Rassismus, Kriminalitéit, Ëmweltproblematik, Honger, Ënnerentwécklung ...). Mir fillen äis mat auslännesche Jugendlechen zesummen am selwechte Boot.

* Mir erweideren eise geeschtegen Horizont a förderen de **kritesche Geescht**. Duerch de Kontakt mat enger anerer Liewensaart-a-weis oder Liewensopfaassung gët een ugeregt, séng ege Menungen an Opfaassungen a Fro ze stellen a kritesch ze iwwerdenken.

* Bestëmmt **Aktivitéiten** an Abenteuer, déi mer wëllen erliewen, sin an eisem Land nët sou gutt méiglech, wéi z.B. Biergklammen, Bootfueren op engem Kanal, Aktivitéiten um Mier ...

* Mir kommen dem Jugendleche séngem **Verlaangeren** no onbekannte Géigenden no: aner Landschaft, anert Klima, aner Leit ...

* En Auslandscamp kann dem Jugendlechen hëllefe méi **selbstänneg** ze gin, well sech vill Situatioune kënnen ergin wou hien sech muss eleng "duerchschloën" z.B. an enger internationaler Hike- oder Atelierséquipe, an der Home-Hospitalitéit, am Kontakt mat Leit déi eng friem Sprooch schwätzen.

* Well en Auslandscamp meeschtens méi laang dauert wéi soss eng Aktivitéit gët den **Zesummenhalt** tëscht de Jugendlechen am Grupp duerch dat gemeinsamt Erliefnës an der Konfrontatioun mat der "friemer" Ëmwelt gestäerkt.

2. Auslandscamp fir wien?

Et ergët sech schon aus den Ziler (Punkt 1), fir watfir Branchen en Auslandscamp sënnvoll as. De Camp selwer mat séngem Thema a séngen Aktivitéiten no der Branchemethod as méi wäertvoll wéi eng wäit Rees. Duerfir mécht d'Reglement N° 13 "Weekend a Camp" verschidden Aschränkunge fir déi "ënneschte" Branchen.

* Biber-Unitéite maachen e Camp vu maximal 3 Nuechten am Inland.

* D'Wëllefcher-Unitéite maachen hire Camp grondsätzlech am Inland oder am noë Grenzgebitt (manner wéi 50 km vun eise Grenzen ewech). D'Method vun der Wëllefcher-Branche gesäit ganz kloer Aktivitéite vir, déi hei am Land sollen duerchgefouert gin. An Ausnahmefäll kann de Wëllefcher-Commissaire, am Averständnës mam Verbandscomité, Nen Auslandscamp autoriséieren. Heifir muss den Akela laang genuch am viraus eng motivéiert Demande mat engem detailléierte Programm beim Wëllefcher-Commissaire areechen.

* Fir AvEx kann et intressant sin, bei engem organiséierten internationale Camp am Ausland matzemaachen oder e Jumelagecamp mat enger auslännescher Trupp z'organiséieren. Do as nämlech de Kontakt mat gläichaltrege Guiden a Scoute programméiert an organiséiert, ouni dien et nët vill Wäert huet, mat AvEx an e friemt Land ze resen. En typesche Campprogramm mat Spiller, Atelier-en a Patrulleliewen mécht sech besser op enger Campplaz hei am Land. Et as och nët ugeroden, all Joer an d'Ausland ze goën.

* Fir CaraPio as et wichteg, datt all 1 bis 2 Joer en Auslandscamp gestart gët. Ofwiesselung an den Aktivitéiten, de Länner an de Forme vu Campénger (kuck Punkt 3) as gefrot.

* Bei de RaRo gehéiert en Auslandscamp zum "normale" Joresprogramm. E seriöse Chantier-Camp (Entwécklungsprojet, Ëmweltprojet ...), e Camp-volant oder eng sportlech Aktivitéit hält de Clan am Idealfall 2 bis 3 Wochen an Otem.

3. Auslandscamp, wéi geet dat?

Et gin 3 Grondforme vun Auslandscampénger, déi awer eventuell kënne kombinéiert gin:

3.1. Den organiséierten internationale Camp

bitt Méiglechkete fir

- Kontakt mat ville Guiden a Scouten aus dene verschiddenste Länner opzehuelen,
- typesch Aktivitéite vum Gaaschtland ze maachen,
- en interkulturellen Austausch (Lidder, Dänz, Spiller, Spezialitéiten ...) matzemaachen,
- typesche Kascht aus der Géigend kennenzeléieren,
- an enger internationaler Equipe en Hike ze erliewen,
- e puer Deeg mat enger Famill aus dem Gaaschtland zesummen ze liewen (Home-Hospitalitéit).

Dës Form vu Camp bréngt am meeschten international Kontakter a kascht am manste Virberedungsaarbecht. Allerdéngs as ee vun de Méiglechketen a Fähegkete vum Organisateur ofhängeg.

Grouss international Camp-ë gin dacks "Jamboree" genannt; e richtege Weltjamboree as awer nëmmen all 4 Joer op enger Plaz.

3.2. De Camp-volant

Dëst as déi typesch Form vum RaRo-Camp, as awer och gelegentlech mat CaraPio méiglech.
All Dag gët eng Etapp vun där geplangter Streck (zu Fouss) zréckgeluegt an all owes op enger anerer Plaz campéiert. Den anere Muerge gët nees alles agepaakt, an et geet weider. Dëst as déi optimal Méiglechkeet fir eng Landschaft kennenzeléieren.

Doduerch, datt een op d'Mathëllef vun de Leit ugewisen as (Schlofplaz sichen, Ravi kafen, Waasser froen ...) kritt ee liicht Kontakt mat den Awunner.

Fir de Camp-volant brauch een eng liicht Campausrüstung, eng gutt Konditioun, eng gewëss Erfarung am Orientéieren an an de Camptechniken. En egent sech fir eng relativ kleng Unitéit, wou een sech kann op dien anere verloossen.

Amplaz zu Fouss kann de Camp-volant och mam Velo, mam Boot, Kanu oder Flooss ënnerholl gin.

3.3. De Camp fixe

Op enger Plaz gi fir 5 bis 15 Deeg d'Zelter an d'Campkonstruktiounen opgeriicht, an all Aktivitéite lafen hei of oder gi vun hei aus gestart. Wéinst den Natur- a Jugendschutzgesetzer gët et ëmmer méi schwéier fir am Ausland bei Privatleit e gudden Terrain ze fannen, an et as och ganz schwéier fir op esou enger Plaz spontan Kontakt mat auslännesche Jugendlechen ze kréien; dofir wend een sech am beschten (iwwer d'Vermëttlung vun eiser Zentral) un déi offiziell Guiden- a Scoutscampplazen. Vun Touristecampénger gët staark ofgeroden, well do déi geplangte Guiden- a Scoutsaktivitéite kaum méiglech sin.

Intressant Aktivitéite sin: Explo vun der Ëmgéigend, Gespréicher a Visitë mat Einheimeschen, Reportagen, Hike, Veillée zu engem lokalhistoreschen Thema, Lagerfeier mat Leit aus der Noperschaft, kritesch Visitë mat aktive Methoden (z.B. Rally, Enquête), Chantier.

Et bréngt vill Virdeler, wann een e Camp fixe zesumme mat enger Partnertrupp aus dem Gaaschtland organiséiert. CaraPio a RaRo kënnen an dësem Fall eng finanziell Hëllef vu "Jeunesse pour l'Europe" ufroen.

E Camp fixe op ege Fauscht verlaangt vill Virberedungsaarbecht a bréngt nëmme wéineg international Kontakter.

4. Wéi bereden ech en Auslandscamp vir?

4.1. Plaz

D'Géigend wou mer wëllen higoe riicht sech no den Aktivitéiten, déi mer wëlle maachen. Déi éischt Fro as also: **Wat** wëlle mer erliewen? Duerno kucke mer, **wou** mer eis Iddië kënne realiséieren, a watfir eng Form vu Camp sech am beschten duerfir egent.

Bei der Sich no enger Campplaz kann een an der Zentral no Adresse froen. Et gët een do och gewuer, ob a leschter Zäit eng aner Unitéit schon an där Géigend campéiert huet; sou kann een eventuell vun däer hiren Erfarunge profitéieren.

Nieft denen üblechen Informatiounen, déi ee fir all Camp brauch, si fir en Auslandscamp nach zousätzlech Froën ze stellen:

- As et an där Géigend erlaabt ze campéieren?
- Sin déi Aktivitéiten, déi mer plangen, an deem Land erlaabt? Brauch ee vläicht eng speziell Autorisatioun?
- Watfir Planzen an Déiere fënnt ee speziell an dëser Géigend?
- As et erlaabt, Feier ze maachen?
- Wie campéiert nach op där selwechter Plaz?
- Wat as während dem Camp an der Géigend lass? Lokal Fester a Manifestatioune kënnen eise Programm beräicheren oder stéieren.
- Hu mir op der Plaz eng Kontaktpersoun, oder besteet eng Méiglechkeet fir eng ze fannen?
- Wéi kann een äis am Noutfall per Post oder Telefon um Camp erreechen?
- Erfëlle mir d'Conditiounen, déi d'Reglement vum Verband fir en Auslandscamp virschreift?

Wann nëmme méiglech sollen der e puer vum Grupp am viraus d'Campplaz kucke fueren an eng Rei praktesch Froen op der Plaz klären.

4.2. Aktivitéiten

Bei der Auswiel an der Virberedung vun den Aktivitéite kann een sech dës Froë stellen:

- Wat wëlle mir haaptsächlech erreechen resp. erliewen? (Haaptzil)
- Mat watfir Aktivitéite kënne mir dëst Zil am beschten erreechen?
- Si mir amstand, dës Aktivitéit ze maachen?
- Kann een se iwwerall ausféieren, oder geet et nëmmen op enger besonnescher Plaz?
- As se vum Wieder ofhängeg?
- Ka jidderee matmaachen?
- Hu mer all déi passend Ausrüstung?
- Brauche mer e Spezialist?
- Wat kënnen déi Jugendlech bei dëser Aktivitéit léieren?
- Watfir Sécherheetsmoossname sin néideg? (z.B. beim Klammen, Schwammen, Segelen ...)
- Wat kascht d'Aktivitéit, a wéi gët se finanzéiert?

Wa mer de Campprogramm opstellen, suerge mer fir Ofwiesselung an e gutt Gläichgewiicht vun Natur a Kultur, vun Ustrengung an Entspanung. Normalerweis schaffe mer nët deeglaang u sophistikéierte Campkonstruktiounen. Ausflich a Visitë gi mat ageplangt; se sollen awer sou aktiv wéi méiglech oflafen, Kontakter mat Einheimeschen aschléissen, an et brauch een um Camp Zäit fir sech virdrun drop anzestellen a fir duerno déi nei Impressiounen ze verschaffen (Austausch am Grupp, Reportage, Auswäertung vun Interviewen asw.). Bei Ausflich a Visitë kënnen déi Jugendlech hir spirituell Kompetenzen entwéckelen, z.B. wa si sech Froe stellen ewéi dës:

- Firwat gouf dëst Gebai esou opgeriicht? Watfir Wäerter dréckt dës Architektur aus? U wat hun d'Leit, déi et opgeriicht hun, gegleeft? Wéi sti mir zu hiren Iwwerzegungen?
- Wat sin de Leit aus dëser Géigend hir Freeden an hir Suergen?
- Watfir eng Plaz an dëser Uertschaft gefällt äis am beschten? Firwat?
- Fanne mir an dëser Uertschaft Spuren oder Zeie vun Initiativë fir de Fridden, d'Gerechtegkeet, de Respekt virun der Ëmwelt?
-

4.3. Klima

A puncto Klima a Wieder gin et keng Garantiën; et kann een iwwerall duerch Keelt, Hëtzt, Reen, Niwwel asw. iwwerrascht gin, an da muss een a séngem Equipement drop virbereet sin. Op jidfer Fall informéiere mer äis am viraus iwwer d'Klima vun der Géigend a Reesprospekter a -guiden, Geographiebicher asw.

Am Programm gesi mir eng Upassungszäit vir, wou mer äis un d'Klima vun der Géigend gewinne kënnen: déi éischt Deeg maache mer nët zevill ustrengend Aktivitéiten.

Iwwerhaapt musse mer eise Programm an eis Kledung dem Klima upassen: nët onbedéngt an der südlecher Mëttessonn ouni eppes um Kapp e schwéiere Chantier maachen oder en héige Bierg eropkraxelen.

4.4. Kulturell Egenaarten

All Géigend huet séng reliéis a kulturell Egenaarten; et soll een sech dees bewosst sin an sech iwwer de Sënn an d'Ursaache vun der Verschiddenaartegkeet informéieren. Mir mussen oppassen, datt mer duerch eist Behuelen aner Leit nët an hirer reliéiser Iwwerzegung schockéieren oder brüskéieren. Mir brauchen duerfir awer nët eis egen Iwwerzegungen an eise Glaf ze verstoppen, wa méiglech solle mer am Ausland Kontakt siche mat Gemeinschaften, déi äis nostinn (z.B. mat einheimesche Guiden a Scouten, mat enger Par).

4.5. Lëtzebuerg presentéieren

Déi Leit, dene mer am Ausland begéinen, intresséieren sech meeschtens staark fir Lëtzebuerg, an et as gutt, wa mir drop virbereet si fir hinnen eppes vun eiser Kultur matzedelen, z.B.:

- e lëtzebuergescht Lidd sangen,
- en Danz opféieren,
- eng Diashow oder eng Videoprojektioun realiséieren,
- e puer Fotoën oder Prospekter weisen,
- eng Lëtzebuerger Spezialitéit zerwéieren,
- Informatiounen hun iwwer d'Geographie, d'Geschicht, d'Populatioun, d'Gebräicher an d'Ekonomie vun eisem Land,
- iwwer Aktivitéite vun eisem Grupp a vun eisem Mouvement erzielen,
- eppes Lëtzebuergesches mathuelen als Cadeau fir Leit, déi äis op der Plaz hëllefen.

Dat Bild, dat d'Auslänner vun eisem Land a vun eisem Mouvement kréien, gët entschedend matbestëmmt vun eisem egene Behuelen: eist Optrieden, eise Respekt vis-à-vis vu Persounen a Saachen, eis Frëndlechkeet an Hëllefsbereetschaft.

4.6. Administratives

D'Prozedure fir d'Umeldung stinn am Reglement N° 13 "Weekend a Camp". Et sief extra drop higewisen, datt ee fir en Auslandscamp 2 verschidde Formulairë muss ausfëllen.

Mir informéieren äis mat Zäit, ob een e Visa an/oder eng speziell Impfung brauch fir an dat gewielte Land anzeresen.

Et brauch een onbedéngt fir all Kand a Jugendlechen eng schrëftlech Erlaabnës vun den Elteren fir de Camp matzemaachen.

Fir de Fall wou ee misst am Ausland an eng Klinik ageliwwert gin, as et gutt wann all Member en "E111-Formulaire" bei sech huet, dien ee bei sénger Krankekeess kritt. Ausserdem soll de responsabele Chef/taine 1-2 "giel Ziedelen" vun den "Assurances sociales" mathuelen; am Fall vun engem Akzident gët een dem Dokter op der Plaz esou en Ziedel fir auszefëllen, an et schéckt een en duerno an eis Zentral.

De Budget vum Camp besteet aus den Ausgabe fir d'Rees, fir de Ravitaillement, fir Ausflich a Visiten, fir aner Aktivitéiten (Material) an aus enger klenger Reserve fir Imprévuën. Et muss een drun denken, datt verschidde Wueren a Leeschtungen a bestëmmte Länner vill méi deier oder och méi bëlleg si wéi heiheem. Beim Opstelle vum Budget froe mer äis och nach:

- As de Participatiounspräis an engem gesonde Verhältnës zu dem erhofften Erliefnëswäert an zu der Dauer vum Camp?

- Kann all Member de Participatiounspräis bezuelen? Wann nët, kënne mer manner bemëttelt Kanner diskret entlaaschten? De Präis dierft kee Jugendleche vum Camp ofhalen.

- Leet d'Gruppekeess eppes bäi?

- Kënne mer op anere Plazen e Subsid froën? D'Chancë fir e Subsid ze kréie si méi grouss, wann aussergewéinlech an originell Aktivitéite vu Jugendleche geplangt gin (Initiatives Jeunes), wann de Camp mat auslännesche Gruppen zesumme gemaach gët (Jeunesse pour l'Europe), a wann de Subsid laang am viraus ugefrot gët.

4.7. Resen an Transportéieren

D'Organisatioun vun der Rees a besonnesch den Transport vum Material verlaange beim Auslandscamp eng besonnesch Opmierksamkeet. Bei der Decisioun iwwer d'Transportmëttelen (Bus, Zuch, Auto, Schëff, Fliger ...) spillen natiirlech de Präis an d'Kamouditéit eng grouss Roll; mir kucken awer och op d'Ëmweltbelaaschtung. Wann een nët zu vill as, kann ee sech eventuell mat engem anere Grupp zesummendon fir datt d'Rees mam Bus sech rentéiert. Wie wëllt a Frankräich fueren, soll wëssen, datt do um éischte Weekend August Bustransporter vu Kanner verbuede sin. (Méi genee Informatioune kann ee beim Automobile-Club froën).

D'Material muss esou verpaakt gin, datt et den Transport gutt iwwersteet, z.B. a Marinesäck, Hussen, Këschte mat Schlass oder Klauschter. All Stéck huet bannen a baussen e Kartong mat dem Numm vum Grupp an der Adress vum Camp. Oppassen: Etikette gi beim Transport liicht erofgerappt. De Responsabele vum Transport huet eng Lëscht vum ganze Material. Et ka vu Virdeel sin, d'Material am viraus ze schécken.

D'Rees dohin an zréck as en integrale Bestanddeel vum Camp a fällt grad ewéi déi aner Aktivitéiten ënner d'Verantwortung vum/vun der Chef/taine. Fir laang Resen an Openthalter ënnerwee kann een sech intressant Beschäftegungen ausdenken.

5. Wie muss informéiert gin?

Hei as eng Lëscht vun Informatiounen, déi déi intresséiert Persoune virun engem Auslandscamp solle kréien.

5.1. Informatiounen un d'Elteren

- Datum a Plaz vum Camp
- Auerzäit a Plaz vum Départ
- Auerzäit a Plaz vum Retour
- Kontaktadress an -telefon um Camp
- Numm, Adress an Telefon vum Responsabele vum Camp
- graff Informatioun iwwer de Programm
- d'Rees an d'lessen ënnerwee
- de perséinlechen Equipement: wat (nët) mathuelen, wéi (nët) apaken
- speziellen Equipement fir extra Aktivitéiten oder wéinst dem Klima
- Täschegeld
- Identitéitspabeieren, Fiche médicale, Impfkaart
- Formulaire vun der Krankekeess (E111) fir an EU-Länner
- Participatiounspräis; Budget, Aart a Weis vun der Finanzéierung, Akont, Terminer a Kontontosnummer fir d'Iwwerweisungen

5.2. Informatiounen un d'Participant-en

- Lëscht vun denen déi matgin
- Nimm vun de Chef/tainë mat hire Responsabilitéiten um Camp
- Andelung vu Chargen
- decidéiert Regele vum Campliewen
- Programm vum Camp
- d'Rees: Streck, Fahrplang, Ëmklammen ...
- Informatiounen iwwer d'Gaaschtland
- Informatiounen iwwer Lëtzebuerg, iwwer eise Mouvement
- Lidder an Texter
- Techniken (z.B. Konstruktiounen, Orientéieren ...)

All dës Informatioune stellt een am beschten an engem Campbichelchen zesummen.

5.3. Informatiounen un d'Kontaktpersoun am Gaaschtland

- Zäit a Plaz vum Ukommen
- Zäit a Plaz vun der Ofrees
- Zuel an Alter vun de Participant-en: Medercher, Jongen, Chef/tainen
- Numm an Adress vum/vun der responsabele/r Chef/taine
- Informatiounen iwwer eise Verband (Dépliant)
- Ufro fir weider Informatiounen oder fir Hëllef, z.B. Organisatioun vum Ravi (Akaf, Lagerung); Materialtransport; medizinesch Versuergung am Noutfall, Konstruktiounsholz, Brennmaterial, Landkaarten, sanitär Installatiounen, Schwammplazen, Home-Hospitalitéit, Autoritéiten an Autorisatiounen, Kontakt mat Jugendlechen ...

5.4. Informatiounen u Verbandsinstanzen vun den LGS

- Duerchchecken, ob d'Conditioune fir en Auslandscamp kënnen erfëllt gin (Reglement N° 13)

- Demande fir de Camp (Formulairen F03 +F04) mat Programm un de Branchecommissaire schécken (fir Summercamp virum 1. Mee, soss 2 Méint virum Camp)

- eventuell Formatiounsproblemer mam Branchecommissaire bespriechen

- bei Congé-éducation déi perséinlech Pabeiere mat der Ënnerschrëft vum Patron un de Service National de la Jeunesse schécken. De Formulaire F11 muss mat der Camp Umeldung un d'Zentral geschéckt ginn. Kuck Administratioun.doc2-Congé-éducatioun

- Participant-en, déi (nach) nët Member vum Verband sin, an der Zentral umellen (Formulaire F01)

- nom Camp de Rapport (Formulaire F06) un d'Zentral schécken.

6. Wéini solle mer wat ënnerhuelen?

Hei as eng Propose fir en Timing vun de Virberedungsaarbechte fir en Auslandscamp, an zugläich eng Checklëscht fir näischt ze vergiessen. Den Timing geet dervun aus, datt de Camp an der grousser Vakanz as. Bei internationale Campénger hält een sech natiirlech och un d'Termäiner, déi den Organisateur virschreift.

Bis Dezember:

- Iddië fir den Auslandscamp sammelen
- Informatiounen iwwer verschidde Méiglechketen a Plazen zesummendroen

bis Februar:

- eng Decisioun huelen iwwer d'Thema, d'Haaptzil, d'Form vum Camp an d'Plaz
- fir d'Rees Präisser froen a vergläichen
- e provisoresche Budget opstellen; Finanzéierung plangen
- d'Eltere schréftlech informéieren: Datum, Plaz, ongefëiere Präis, Haaptpunkte vum Programm, Termäin fir eng provisoresch Umeldung
- sech informéieren iwwer eventuell Impfungen
- Transportmëttelen a Streck festleën
- Materialtransport plangen
- Iesse fir ënnerwee organiséieren
- Aktivitéite fir ënnerwee virgesin

bis Abrëll:

- de Camp beim Branchecommissaire umelden (kuck 5.4)
- eventuell op d'Plaz kucke fueren

bis Mee:

- kucken ob d'Identitéitspabeieren an der Rei sin
- definitiv Umeldung mat Akont a Fiche médicale vun den Eltere froen
- Rees buchen, Plaze reservéieren

bis Juni:

- kontrolléieren, ob all Leit déi matgin am Verband ugemellt sin
- eventuell Demande fir Congé-éducation fortschécken
- Detailer vum Programm festleën an dem Branchecommissaire schécken
- eenzel Aktivitéite virbereden
- Responsabilitéite verdelen
- Materiallëscht opstellen
- Péngschtcamp oder Weekend am Land organiséieren fir d'Zesummeliewen ze üben, Techniken ze probéieren, Campmaterial nozekucken, eenzel Aktivitéite virzebereden

bis Juli:

- Informatioune fir d'Participant-en (Campbichelchen) produzéieren a verdelen (kuck 5.2)
- Campmaterial apaken
- Devisen resp. Reesschecken akafen
- Checklëscht kontrolléieren

den éischten Dag um Camp:

- eng Noriicht heem telefonéieren, faxen oder e-mailen

direkt nom Camp:

- eventuell naass Zelter drëchne loossen
- Material an d'Rei setzen a raumen
- Finanze vum Camp ofschléissen
- Bilan vum Camp maachen
- Fotoen entwéckele loossen
- Merci-Bréiwe schreiwen, eventuell eng Foto matschécken
- Rapport vum Camp am Grupperot maachen
- Rapport (Formulaire F06) un d'Zentral schécken

am September:

- Elterenowend mat audiovisuellem Reportage organiséieren
- Artikel fir d'Branchenzeitung oder fir d'Dagespress schreiwen
- dës Checklëscht op Grond vun den egenen Erfarunge kompletéieren a verbesseren.